

« D'Gesellschaft sensibiliséieren »

« Op Preventioun setzen »

« Opmierksam sinn »

« Dem Kand, dat vu Gewalt erzielt, nolauschteren a gleewen »

Vun den Affer an den Iwwerliewende vu sexueller Gewalt léieren



Aussoen zesummegedroe vum *Service des droits de l'enfant* vum
Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend.



- « D'Gesellschaft sensibiliséieren »
- « Op Preventioun setzen »
- « Opmierksam sinn »
- « Dem Kand, dat vu Gewalt erzielt, nolauschteren a gleewen »

Vun den Affer an den Iwwerliewende vu sexueller Gewalt léieren

Den Europäeschen Dag vum Schutz vu Kanner viru sexueller Ausbeutung a sexuellem Mëssbrauch ass den 18. November. Fir zur Sensibiliséierung iwwer sexuell Gewalt an der Kandheet bäizedroen, loosse mir Affer an Iwwerliewender zu Wuert kommen. Liest hei hir Temoignagen an hir Wënsch.

D'Aussoe goufe vum *Service des droits de l'enfant* vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) zesummedroe, fir d'Campagne vum Europarot ze ënnerstëtzen. Dëst Joer huet den Europarot d'Theema „Vun Affer an Iwwerliewender vu sexueller Gewalt an der Kandheet léieren, fir eng Ännerung an der Politik ze erreechen“ gewielt.

Ech wënne mir, dass d'Diskussioun normaliséiert
gëtt well andeems mir net iwwer déi Problematik
schwätzen, renforcéiere mir d'

Gefill vu Schold a Schimmt beim Affer.

Ech wënne mir och, dass d'Gesellschaft versteet,
dass iwwer 90 % vun den Täter an Täterinnen eng
Persoun aus dem Vertrauenskrees vum Kand ass.



Besonnenesch op introvertéiert Jonker opmierksam sinn.

Well si éischer zeréckhalend sinn,
kéint engem eppes entgoen.

Déi psychesch Gewalt, déi d'Kand deeglech
duerch säin Elterendeel erlieft, gëtt net genuch
consideréiert. Et huet een den Androck, dass
just déi physesch Gewalt berécksiichtegt gëtt.

Opgepasst op d'Ofgrenzung vun de Servicer an
datt d'Beruffsgeheimnis net gedeelt gëtt.
Doduerch entsteet eng begrenzte Vue op
d'Gesamtsituatioun – zum Affer sengem Nodeel.



Eise Rechtsstaat an d'Preventioun, déi an de Schoulen ugebuede gëtt, mussen sech sou séier wéi méiglech verbesseren. Urteeler mussen agehalen a Prozesser direkt an d'Weeër geleet ginn. Bis haut ass mäi Papp fräi a lieft

ouni Konsequenzen, trotz Urteel.

Sexuell Verbrüche sinn ëmmer schlëmm an dierften ni op déi liicht Schëller geholl ginn.

Ech hätt mir gewünscht, dass mir gegleeft gött.

Bei der Police judiciaire krut ech ënnerstallt, dass ech keng Erënnerunge kann hunn, well ech nach sou jonk war, wou et geschitt ass – ech hat deemools 2 oder 3 Joer.

Ech hätt méi Ënnerstëtzung vu menger Mamm gebraucht. Si hätt sollen an d'Kummer kommen, wou si mech héieren huet „Aua, dat deet wéi“. Si hätt solle méi nofuerschen a Froe stellen.



Ech wënsche mir, dass
d'Gesellschaft sech bewusst gëtt, dass

sexuell Gewalt oft tëscht Geschwëster

virkënnt, an et wichteg ass, dass Elteren op-
mierksam sinn a selwer op hir Kanner oppassen,
anstatt si z. B. beim eelere Brudder ze loossen;



Kanner net mat Pornografie konfrontéiert ginn,
well dat si derzou bréngen kann, dat, wat si gesinn
hunn, mat anere Kanner nozemaachen;

Kanner, déi Affer sinn, sech net mussen hannert
engem Mask verstoppen an dass hinne gegleeft
gëtt.

Hëllef- an Ënnerstëtzungsdëngschter zu Lëtzebuerg
www.violence.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



PARQUET GÉNÉRAL DU GRAND-DUCHÉ
DE LUXEMBOURG
Service Central d'Assistance Sociale – SCAS
Service d'Aide aux Victimes



Alupse association luxembourgeoise
de pédiatrie sociale